ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vun der sozialer Sécherheet weiderzeleeden.

Et gi vill Leit hei zu Lëtzebuerg, déi hir Zukunft iwwer d'Pensiounsgrenz eraus plange wëllen, dobäi awer ausgebremst ginn duerch d'Tatsaach, datt si net genee wëssen, heiansdo mol net ongeféier, wéi héich hir Pensioun spéider ausfale wäert. Sou Donnéeën sinn awer wichteg, zum Beispill wann een e Kredit op enger Bank wëll ufroen. Vill Leit hunn awer net selwer dat néidegt Wëssen oder déi néideg Moyenen, fir ausrechnen ze kënnen oder ze loossen, wéi héich hir spéider Pensioun – onofhängeg vun eventuellen Ännerungen am Gesetz - ongeféier wäert sinn, obschonns et fir si dacks eng ganz wichteg Informatioun ass.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister vun der sozialer Sécherheet riichten:

1. Kann d'CNAP esou individualiséiert Pensiounsprevisiounen op Wonsch (wéinstens estimativ) ausrechnen a certifiéieren? Wann nee, ass doru geduecht, fir dat anzeféieren, oder wou leie konkret d'Problemer?
2. Wéi eng Estimatioune ginn elo scho vun der CNAP ausgerechent an de Leit matgedeelt, z.B. um järleche Relevé vun de Pensiounsbäiträg?
3. Ass dru geduecht, fir de Persounen, déi dat wënschen, an Zukunft perséinlech Berodungsgespréicher unzebidden, bei deenen och méiglech Versuergungslücken am Pensiounsalter an dono evaluéiert a beschwat ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten